N°3946
Entrée le 26.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°3946 vum 20. Abrëll 2026 vun der honorabeler Deputéierter Stéphanie WEYDERT iwwert « «Certificats de conformité et d'immatriculation de véhicules "oldtimers"».**

Am Kader vun dëser parlamentarescher Fro bezitt sech d'Madamm Deputéiert eiser Interpretatioun no op d'*Vignette de conformité* an net op de *Certificat de conformité*. De *Certificat de conformité* ass nämlech en offiziellt Dokument, wat vum Constructeur ausgestallt gëtt an attestéiert, datt e Gefier dem geneemegte Typ vu Gefier entsprécht an all déi zum Zäitpunkt vun der Homologatioun gëlteg technesch a reglementaresch Ufuerderunge respektéiert.

Gefierer, déi net der Obligatioun vum *Contrôle technique* ënnerleien, mussen iwwer eng *Vignette de conformité* verfügen.

1. **Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, dass mam Gesetz a mam Reglement grand-ducal vum 21. September 2023, net méi reegelméisseg Courrieren un d'Proprietäre verschéckt ginn éiert d'Immatrikulatioun vun engem Gefier ofgelaf ass ? Wa jo, firwat ass dat esou? Wier et net am Sënn vum Administré nees am Virfeld informéiert ze ginn?**

Entgéint deem, wat an der parlamentarescher Fro duergestallt gëtt, gëtt och no dem Akraafttriede vun de gesetzlechen Ännerunge vum 21. September 2023 weiderhin e Courrier un den Titulaire vum *Certificat d'immatriculation* geschéckt, wann eng oder méi Vignette(n) hiert Verfallsdatum erreechen. Dëse Courrier enthält als Annex e Relevé vun de betraffene Vignetten, déi op de Numm vum jeeweilegen Titulaire registréiert sinn, mat der jeeweileger Echeance. Am selwechte Schrëftstéck gëtt déi Betraffenen, de Betraffenen ausdrécklech opgefuerdert, déi Vignetten ze erneieren, déi déi Gefierer betreffen, déi hie weiderhin am Stroosseverkéier benotze wëllt. Gläichzäiteg ginn och präzis Instruktioune ginn, wéi dës Erneierung virzehuelen ass.

Wann, trotz der gesetzlecher Verpflichtung, weder de *Contrôle technique,* nach d'*Vignette de conformité* oder d'Autossteier fristgerecht erneiert ginn, féiert dëst, zwee Joer respektiv véier Joer no der jeeweileger Echeance, am Aklang mat den Dispositioune vum Artikel 4, Paragraf 8, vum Gesetz vun 14. Februar 1955 dozou, datt de *Certificat d'immatriculation* d'office verfält an d'Gefier fir eng *Remise en circulation* nei ugemellt muss ginn.

Och an dësem Fall gëtt, am Sënn vun enger transparenter an novollzéibarer Informatioun, en zousätzleche Courrier un den Titulaire geschéckt, an deem drop higewise gëtt, datt d'Gefier ofgemellt gëtt, falls net bannent enger Frist vu sechs Woche géint d'Ursaach vun dëser Situatioun virgaange gëtt.

Et bleift dobäi, datt den Titulaire vum *Certificat d'immatriculation* selwer d'Responsabilitéit dréit, d'Gültegkeet vun de Borddokumenter reegelméisseg ze iwwerpréiwen. D'Verschécke vun dëse Courriere stellt eng zousätzlech Informatiounsmoossnam duer. Dës Praxis gouf souwuel viru wéi och no de gesetzlechen Ännerunge vum 21. September 2023 appliziéiert a gëtt och aktuell konsequent bäibehalen.

**2. Wier an dëse Fäll déi sougenannten "Procédure administrative non contentieuse" uwenndbar ? Falls net, firwat?**

Wéi schonn ervirgehuewen, gëtt virun enger automatescher Ofmeldung vun engem Gefier systematesch e Courrier un den Titulaire vum *Certificat d'immatriculation* geschéckt, fir hien iwwer seng individuell Situatioun z'informéieren an him d'Méiglechkeet ze ginn, dës ze regulariséieren.

Zwar erlaabt d'Umeldung vun engem Gefier d'Notzung am Stroosseverkéier, dëst ass awer dauerhaft un d'Anhale vun de gesetzleche Konditioune gebonnen, wéi se duerch déi applicabel Reglementatioun virgesi sinn. Wann dës Konditiounen net méi erfëllt sinn an d'Gesetz virgesäit, datt de *Certificat d'immatriculation* d'office verfält, da geet et net ëm d'Zeréckhuele oder de Widderruff vun enger administrativer Decisioun, mee ëm d'Feststellung vun enger automatescher Konsequenz, déi direkt aus de gesetzleche Bestëmmunge resultéiert.

**3. Kann d'Ministesch d'Bedingungen nennen déi néideg sinn, fir en eelert Gefier erëm nees unzemellen dat duerch déi uewe genannten administrativ Radiatioun des- immatrikuléiert gouf ? Gëtt et eng Méiglechkeet fir déi betraffe Leit, am Fall vun engem ofgelafene Certificat de conformité, dëse selwer, einfach, séier an onkompliziéiert ze regulariséieren oder mussen déi concernéiert Bierger eng komplett nei Immatrikulatioun – Prozedur vu vir starten ?**

Wéi d'Madamm Deputéiert selwer op den Artikel 4, Paragraf 8, vum uewe genannte Gesetz vun 1955 hiweist, bréngt d'Péremptioun vum *Certificat d'immatriculation* d'Verpflichtung mat sech, datt eng nei Umeldung vum Gefier virgeholl muss ginn.

Et soll awer nach emol drop higewise ginn, datt eng *Mise hors circulation d'office* nëmmen da statt fënnt, wann déi gesetzlech virgeschriwwe Konditiounen iwwer eng méi laang Zäit net méi erfëllt sinn, nämlech no zwee Joer, respektiv no véier Joer am Fall vun engem historesche Gefier.

Ofschléissend ass festzehalen, datt den Titulaire vum *Certificat d'immatriculation* d'Méiglechkeet huet, e Gefier temporär oofzemellen, fir ze verhënneren, datt et zu enger automatescher Ofmeldung kënnt. An deem Fall däerf d'Gefier selbstverständlech net méi am Stroosseverkéier benotzt ginn.

**4. Kennen déi betraffe Proprietären nees dat selwecht Nummereschëld kréien oder mussen hei och nees zousätzlech Paperassë gemaach gi fir notamment en neit Nummereschëld ze kréien an d'Versécherung ze aktualiséieren?**

Dat hänkt vum konkrete Fall of. Am Prinzip bleift en Nummereschëld bei der *Mise hors circulation* vum Gefier fir eng Dauer vun engem Joer op eng Persoun reservéiert. Wann eng nei Umeldung vum Gefier an dësem Joer statt fënnt kann dat selwecht Nummereschëld weider benotzt ginn. Wann déi nei Umeldung mei spéit soll stattfannen, muss eng nei Reservatioun gemaach ginn an déi entspriechend Taxe bezuelt gi vir d'Reservatioun vun enger personaliséierter Plackennummer.

**5. Wéi vill Gefierer sinn zënter der Aféierung vun dësem Gesetz wéinst der net- Erfëllung vun de Konditiounen automatesch desimmatrikuléiert ginn, dëst opgeschlësselt pro Joer ?**

Et soll am Virfeld drop higewise ginn, datt d'Reform vum 21. September 2023, op déi d'Madamm Deputéiert verweist, keng Ännerung un de Modalitéite vun der *Mise hors circulation d'office* mat sech bruecht huet. Déi entspriechend Dispositioune bestoungen schonn an der viregter Gesetzgebung a goufen duerch d'Reform net fundamental geännert.

D'*Mise hors circulation d'office* gräift och weiderhin eréischt dann, wann déi gesetzlech virgeschriwwen Obligatiounen, wéi zum Beispill de *Contrôle technique*, d'*Vignette de conformité* oder d'Bezuele vun der Autossteier, iwwer eng méi laang Zäit net respektéiert ginn, dat heescht no enger Dauer vun iwwer zwee Joer, respektiv véier Joer am Fall vun historesche Gefierer.

Am deem Sënn ginn hei d'Zuelen vun de Gefierer uginn, déi zënter dem 21. September 2023 automatesch ausser Circulatioun gesat goufen, well dës Fristen iwwerschratt waren. Am Joer 2023 waren dat 801 Gefierer. Am Joer 2024 ass dës Zuel op 5.859 Gefierer geklommen, am Joer 2025 loug se bei 4.643 Gefierer, an am Joer 2026 bei 1.096 Gefierer zum Zäitpunkt vun der Äntwert.

Dës Zuelen illustréieren domat net d'Auswierkunge vun enger neier gesetzlecher Regelung, mee d'konsequent Ëmsetzung vun de bestoende Bestëmmungen an déi reegelméisseg Aktualiséierung vun den administrative Donnéeën.

**6. Ass d'Madamm Ministesch der Opfaassung, dass dës Ännerungen zu zousätzlechem administrativen Opwand souwuel fir d'Proprietäre wéi fir d'Servicer vun der SNCA féieren ? Falls d'Ministesch dëst esou gesäit, sinn hei Verännerungen am Sënn vun der "Simplification administrative" ugeduecht ?**

D'Bestëmmungen, op déi sech an der Fro bezu ginn, sinn net eréischt mat de gesetzlechen Ännerunge vum 21. September 2023 agefouert ginn, mee bestoungen schonn virdrun an der applicabebler Gesetzgebung.

Wéi schonn ervirgehuewen, gëtt virun all *Mise hors circulation d'office* eng gezilten Informatioun un den Titulaire vum *Certificat d'immatriculation* verschéckt. Dës Informatioun erméiglecht et der Betraffener an dem Betraffenen, seng individuell Situatioun an engem gudde Virlaf ze iwwerpréiwen an, wann néideg, déi erfuerderlech Schrëtt fir d'Regulariséierung ze huelen.

Zousätzlech besteet fir déi Betraffen an de Betraffenen d'Méiglechkeet, säin/hiert Gefier fräiwëlleg temporär ausser Circulatioun ze setzen (*mise hors circulation temporaire*), fir esou gezielt ze verhënneren, datt et zu enger automatescher Ofmeldung kënnt. Dës Optioun bitt eng flexibel an pragmatesch Léisung an deene Fäll, wou e Gefier net méi direkt am Stroosseverkéier agesat gëtt. An deem Sënn féieren dës Bestëmmungen net zu engem wesentlech erhéichten administrativen Opwand, weder fir d'Proprietären nach fir d'Servicer vun der SNCA. Am Géigendeel droe si dozou bäi, kloer, previsibel an effizient Prozeduren ze garantéieren, déi de concernéierte Bierger genuch Zäit loossen, fir adequat op hir Situatioun ze reagéieren an déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen.

**7. Ass d'Madamm Ministesch gewëllt eng breet Informatiounscampagne iwwert dës Ännerungen esou wéi aner wichteg Ännerungen am Gesetz vum 14. Februar 1955 ze lancéieren an d'Bierger iwwert dës Ännerungen duerch déi offiziell Kanäl vum Ministère ze informéieren ?**

Onofhängeg dovun ass et selbstverständlech, datt wesentlech Ännerungen an der applicabeler Reglementatioun iwwer déi offiziell Kommunikatiounskanäl vum Ministère un d'Ëffentlechkeet vermëttelt ginn, notamment iwwer d'Internetsäite vum Ministère souwéi aner gëeegent Informatiounsmedien.

Am aktuelle Kontext ass keng spezifesch Informatiounscampagne virgesinn, well et sech net ëm d'Aféierung vun enger neier Dispositioun handelt. De Ministère wäert awer och weiderhin dofir suergen, datt relevant Informatiounen transparent, kloer an zougänglech fir d'Bierger zur Verfügung gestallt ginn.

Lëtzebuerg, den 26. Mee 2026

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes